N° 5944
Reçue le 16.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.03.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/03/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

D'Rechter an d'Fliichte vum CFL-Personal ginn duerch ee Spezialgesetz vun 1920 gereegelt. Zënter méi wéi engem Joerhonnert gëllt dëse Sonderstatut mat senge ganz eegene Reegelen abseits vum Code du Travail an de Gesetzer vum Staatsbeamtestatut.

Reegelméisseg mécht de Staatsrot a sengen Avis'en (zum Beispill n°60.075 oder och 60.421) zu groussherzogleche Reglementer betreffend dem CFL-Statut de Constat, dass déi legal Basis, déi de Sonderstatut vum CFL-Bedénschtete reegelt, net duergeet. De Sonderstatut an d'Assimiléierung vum CFL-Bedéngschteten un de Fonctionnaires-Statut si juristesch gesinn net kloer. Sinn CFL-Mataarbechter eng Zort Fonctionnairen mat alle Rechter a Fliichten? Oder sinn se et net?

Et gëtt virun allem bemängelt, dass d'Regierung laut eiser Verfassung guer net d'Kompetenzen hätt, fir de gesamte Statut an engem groussherzogleche Reglement festzehalen, well d'Grenzen vun de Méiglechkeete vum Artikel 32 vun eiser Verfassung iwwerschratt wieren. Doraus kann ee schléissen, dass d'Chamber als Legislateur de Statut muss iwwert ee Gesetz reegelen. D'Gesetz vun 1920 misst iwwerschafft oder ersat ginn.

Beim CFL-Personal zirkuléiert zënter enger Zäit d'Gerücht, dass Pläng bestinn, fir d'Personal bei den CFL an d'Fonction publique anzegliddderen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen oder ausschléissen, dass aktuell geplangt gëtt, fir d'CFL-Personal an d'Fonction publique anzegliddderen?
2. Sinn Ännerungen um Spezialstatut vum CFL-Personal geplangt a falls jo, wat wäert sech an noer Zukunft änneren?
3. Huet d'Regierung d'Bestriewung, fir den Eisebunnerstatut un dee vum Staats- respektiv Gemengebeamten unzepassen?
   Falls net, wéi eng Virdeeler versprécht sech d'Regierung vun dësem Statut par

Rapport zum Statut vun de Staats- respektiv Gemengebeamten?

4. Wäert de groussherzogleche Reglement an Zukunft duerch ee Gesetz vu Regierungs-Säit ersat ginn? Falls nee, firwat wëll d'Regierung net op déi Schinn goen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député